



**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°1709 vum 23. Dezember 2024
vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

Säit dem Budgetgesetz vum 23. Dezember 2022 ass den Datum fir d'Areche vun de Steiererklärunge bei der Steierverwaltung op den 31. Dezember vum Joer dat op d'Steierjoer follegt, festgesat ginn. Bäi Verspéidung kënne steierflchteg Persoune Sanktiounen ausgesat ginn.

Ob administrativ Moosnamen, wéi zum Beispill ee Verspéidungssupplément oder eng Astreinte, gesprach ginn, ënnerläit der Appreciatioun vum Preposé vum jeeweilege Steierbüro. Dëse verfüügt iwwert déi néideg Informatiounen, fir kënnen esou Ermessensentscheidungen vu Fall zu Fall an den Ëmstänn entspriechend ze treffen (wéi zum Beispill d'Gravitéit, d'Unzuel u Rappellen, Recidive, capacité contributive, Intentioun, etc.).

D'Gesetz leet heivir objektiv Krittere fest, déi de Preposé anhale muss. Esou gesäit de Paragraph 2 vum Steueranpassungsgesetz Follgendes vir: *“(1) Entscheidungen, die Behörden nach ihrem Ermessen zu treffen haben (Ermessensentscheidungen), müssen sich in den Grenzen halten, die das Gesetz dem Ermessen zieht. (2) Innerhalb dieser Grenzen sind Ermessensentscheidungen nach Billigkeit und Zweckmäßigkeit zu treffen.”* Et ass och drop hinzewiesen, datt de Gesetzgeber dem Kontext no eng gewëssen Toleranz agefouert huet: *„Das Finanzamt hat den Zuschlag zu unterlassen oder zurückzunehmen, wenn die Versäumnis entschuldbar erscheint“* (§168 Abgabenordnung).

D'Ermessensentscheidungen vum Préposé sinn deemno engersäits vum Gesetz hir fir jidderee gläich encadréiert. De Preposé vum Steierbüro muss doriwweraus d'Strof, an d'Héicht vun der Strof, ob hir Zweckméissegkeet a Gerechtegkeet préiwen an den Ëmstänn no festsetzen. Anerersäits ass ze soen, datt de Gesetzgeber och maximal Strofe festleet, déi de Preposé net iwwerschreide kann.

Et sief ofschléissend ze bemierken, datt de Steierzueler e Recours (*Beschwerde*) géint all Ermessensentscheidung areeche kann. Fir d'éischt beim Direkter vun der Steierverwaltung an, am Fall wou de Steierzueler net mat der Entscheidung vum Direkter averstane wier, steet dem Steierflchtege ee Recours virum Verwaltungsgericht op.

Lëtzebuerg, den 23. Januar 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth